# d'Peffermillen

Aus sécherer Quell, di mer awer aus journalistescher Rücksicht nët kënne nennen, as de Koschter gewuer gin , dass d'Regirunge vu Rheinland-Pfalz an dem Saarland wëlles hun, zu Konz bei Tréier e gemeinsamen Atomreakter ze bauen. Si hun och schon d'Lëtzebuerger Regirung gefrot, ob si näischt dergéint hätt. Dës soll geäntwert hun, dat géif dovun ofhenken, wat mat Remersche géif geschéien. De Koschter sollt e Schlag kréien: Cattenom, Remerschen a Konz sollen elo gebaut gin!? Geschwë bleift ons awer keng aner Léisung méi wi auszewandern. m.p.

*

Regelméisseg stellen d'"tageblatt", de "Journal", d'"Zeitung vum Lëtzebuerger Vollék" di nei Nummere vun "forum" hiere Lieser vir. De Koschter seet hinne villmols merci. Trotzdeem fällt ëm op, dass dobei muenchmol e bëssche mat der Zensurschéier gespillt gët. De "Journal" huet z.B. d'Nummer 51-52 iwert d'Friddenspolitik nëmmen a 5 Zeile presentéiert. Bei der Nr. 54 huet d'KP-Zeitung nët gesot aus watfer Länner (El Salvador, Türkei a Polen!) iwer Mënscherechtsverletzungen rieds geet. Pressefräiheet heescht natierlech och, dass een enger Zeitung keng Artikele ka virschreiwen, klenglech fënnt de Koschter déi Zensur awer trotzdeem. Mä ëmmerhin kann och e KP-Zeitungslieser sech selwer am "forum" informéiere, wat dra steet, d'"L.W."-Lieser gi nët emol d'Existenz vun der Zäitschrëft gewuer. csst

*

De Minister vun der öffentlecher Gewalt huet schons an der Chamber misse bestätegen, dass bei der Manifestatioun vum 27.Mäerz 1982 eng ganz Rei Polizisten e Maschinegewier an 2o Schoss schaarf Munitioun bei sech haten. De Koschter as elo gewuer gin, dass och dräi Autobusse voll Männer vun enger Spezialeenheet vum "Bundesgrenzschutz" an ziviler Kleedung an d'Land komm waren, di zu Sennëng op e méiglechen Asaatz gewaart hun. De Koschter wär frou, wann de Minister dës Meldung nët kënnt bestätegen, oder wor och si eng "normal Praxis" (E.Krieps)? Wi steet ët da mat der nationaler Souveränitéit? g.

*

De Koschter huet et jo gesi kommen. Emmer méi chrëschtlech Organisatiounen fanne keng Ennerstëtzung méi am L.W. De Koschter wor den éischten, mä méi wi eng Kéier huet e gewarnt, aner kéime no. Oofgesi vun eenzelne Persounen, di nët däerfen am L.W. schreiwen, egal wat se soen - si si scho guer nët méi ze zielen -, huet ët elo su seriö Vereenegunge wi de "Centre Chrétien d'Education des Adultes" an den LCGB getraff. Goufen der "Erwuessebildung" hier Artikele bis elo "nuren" zenseréiert, su gëlt hiere journalistesche Mataarbechter säit e puer Méint ganz als "persona non grata" an en eegene Berichterstatter schéckt d.L.W. nët op hier Konferenzen a Manifestatiounen. Säit den LCGB de Culot hat bei der "Aktioun fir de Fridden" a bei der Protestmanifestatioun géint de sozialenOofbau vum 27. März matzeman, gët déi chrëschtlech Gewerkschaft, di soss ëmmer en su décke Steen am Briet hat, ignoréiert. Ween elo fäert, d'L.W. wéisst geschwë nët mi wat mat der Plaz ufänken, ka sech berouegen: faschistesch Veräiner aus Brasilien sin amgaang d'Relève ze huelen! De Mgr. Lefebvre wäert och nët mi wäit sin. Här Bëschof, wat hun se mat Ärer Zeitung gemaach? m.p.

*

De Generol Jaruzelski knéit zu Moskau am Mausoleum a freet beim grousse Lenin em Rot, wéi een d'Konterrevolutioun a Pole ka Meeschter gin.
Hei héiert en eng Stëmm: "Et gët nëmmen eng Léisung: d'Aarbechter bewaffnen."